N°4504
Entrée le 19.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4504 vum 21. Juli 2026 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler a Luc Emering iwwert d'Situatioun vun de Beem am Kontext vum Klimawandel

1. Wéi eng Kulturen hu besonnesch Problemer bei extreme Wiederkonditiounen (laang Dréchenten, Canicullen oder Staarkreen)?

Grondsätzlech leiden all d'Kulturen bei laangen Dréchenten a Canicullen, egal ob et sech ëm natierlech Naturverüngungen aus dem besteeënde Bambestand oder ëm geplanzte Kulturen handelt. Well sech de Buedem an den ieweschte Buedemschichte bei intensiver Sonnenastralung staark erhëtzt a séier ausdréchent, an de Wuerzelsystem vun de jonke Planzen nach net déif genuch an de Buedem erareecht, kënnen déi kleng Beem sech bei laangen Dréchenten net genuch mat Waasser versuergen oder esouguer duerch Waassermangel ofstierwen. D'Beem ginn bei Canicullen esouwuel vun der intensiver Sonnenastralung wéi och vun den héijen Temperature gestresst. Vill Loft, déi de Buedem nach zousätzlech ausdréchent, oder een niddregen Waasserdampdrock vun der Atmosphär verschäerfen d'Situatioun dann nach zousätzlech fir d'Beem.

Tëscht de verschiddene Bamaarte ginn et allerdéngs Ënnerscheeder. E puer Aarte kënnen däitlech besser mat extreeme Klimabedéngungen ëmgoen ewéi anerer. Bamaarten, déi hir Spaltöffnungen ënnert de Blieder nëmme begrenzt zoumaache kënnen an doduerch konstant bei héijer Temperatur vill Waasser verdonsten, wéi z.B. d'Bierk, gi mat esou Bedéngunge schlecht eens. Bamaarten, déi hir Spaltöffnungen besser zoumaache kënnen, wéi z.B. Drauweneechen, oder deenen hier Blieder sech morphologesch iwwer Joerdausenden esou entwéckelt hunn dass si méiglechst wéineg Waasser verdonsten, wéi z.B. vill mediterran Bamaarten, kënne vill besser mat héijen Temperaturen ëmgoen.

Wat de Staarkreen ugeet, sou kann deen op nei ugeluechten Planzungen op Fräiflächen, wou sech nach keng Planzendecken aus krautege Planzen installéiert huet, zu gréissere Buedemerosiounsschied féieren.

2. Wéi eng Kulturen sinn an den aktuelle Wiederkonditioune méi resistent?

Kulture mat méi Bamaarten déi gutt un de Standuert (Buedem a Mikroklima) ugepasst sinn hunn déi beschte Chancë fir bei esou extreem dréchene Wiederbedéngungen ze iwwerliewen. Wann déi jonk Beem dann nach ënnert dem Krounendaach vun ale Beem respektiv a klenge bamfräie Lücken opwuesse kënnen, verbessert dat hir Liewensbedingungen, well si virun der direkter Sonnenastralung an der ausdréchnender Loft besser geschützt sinn.

3. Wéi eng Kulture rekommandéiert den Här Minister de Gemengen an de Privatleit an den nächste Méint a Jore verstäerkt auszebauen? Wat fir finanziell Hëllefen sinn do genee virgesinn?

Wéi schonns an der Äntwert op d'Fro 2 beschriwwe gëtt proposéiert Kulture mat méi Bamaarten unzeleeën, déi gutt un d'Standuertkonditiounen ugepasst sinn. Dobäi sollte méiglechst vill eenheemesch Bamaarten agesat ginn, déi verspriecheche mat de verännerte Klimabedéngungen an der Zukunft gutt eens ze ginn, wéi z.B. Drauweneechen, Feld- a Spitzahorn oder Wanterlannen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Wat déi finanziell Bäihëllefe betrëfft, do kënnen d'Bëschbesëtzer am Fall vun enger Planzung op follgend Typpe vun Hëllefen zeréckgräifen wéi se am Règlement grand-ducal du 3 mars 2022 instituant un ensemble de régimes d'aides pour l'amélioration de la protection et de la gestion durable des écosystèmes forestiers virgesi sinn:

- an de Lücke vun engem ale Bësch déi manner wéi 30 Ar grouss sinn huet een d'Méiglechkeet eng Uräicherungsplanzung ze realiséieren;
- op Flächen déi méi wéi 30 Ar grouss si kann een entweder eng flächeg Planzung, eng Reie-Planzung oder eng Trupp-Planzung maachen.

Bei alle Planzunge gëlle follgend Konditiounen:

- et musse mindestens dräi Bamaarte geplanzt ginn;
- all Bamaarte mussen un de Standuert ugepasst sinn. Dëst ka mat der informatescher Applicatioun "Fichier écologique des essences" iwwerpréift ginn;
- 30 % vun de Planze musse Lafbamaarte sinn;
- 70 % vun de Planze musse Bamaarte sinn, déi op enger Lëscht mat autoriséierte Bamaarte stinn.

- am Fall vun enger natierlecher Verjüngung vu méi wéi 30 Ar kënnen d'Bëschbesëtzer och eng finanziell Bäihëllef froen.

Fir besteeënd Bëscher kënnen d'Bëschbesëtzer ausserdeem vum "Klimabonus Bësch" profitéieren.

Lëtzebeurg, de 19. August 2026
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit
(s.) Serge Wilmes